LU

GEMENGEROT
VUM 17. MÄERZ 2023

Present: De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Nathalie Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Claudine Meyer (LSAP) et André Noesen (déi gréng); De Gemengesekretär, Marco Haas

Entschëllegt: Patrick Krecké (DP)

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, mat Ausnam vun de Punkten 3.4, 3.5 a 3.6.

ËFFENTLECH SITZUNG

KOMMUNIKATIOUNEN

Op Ufro vum Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), gouf den Ordre du jour eestëmmeg ugeholl.

De Guy Kohnen (CSV) huet d'Conseilleren doriwwer informéiert, dass d'Gemeng 85.343 € vum SICA zeréck kritt, dëst op Basis vun hirem Decompte vum Joer 2022.

De Romain Kockelmann (CSV) luet op d'Scheckiwwerreechung bezüglech dem Boni vum Chrëschtmaart 2022 an. D'Remise ass den 28. Mäerz 2023 um 19:00 Auer an der Gemeng, wou d'Integratiounskommissioun den Associatioune „Street Angels" a „Médecins du Monde" jeeweils e Scheck iwwerreecht.

D'Natacha Koch (CSV) berifft sech op de Bilan vum SIDOR vun de leschte Joren deen ervirhieft, dass d'Offäll gutt getrennt ginn, och wann et awer nach Verbesserungsméiglechkeete gëtt. D'Gemenge missten hier Bierger nach emol bezüglech dem Trenne vun de Biooffäll sensibiliséieren.

D'Nathalie Heintz (LSAP) luet op d'Scheckiwerreechung un d'ASBL „Wonsch Ambulanz" an, déi den 20. Mäerz 2023 um 19:00 Auer an der Gemeng stattfënnt. Dësen Don ass duerch d'Kollekte wärend dem Concert vun der Militärmusek zustane komm, dee vun der Kulturkommissioun organiséiert gouf.

D'Claudine Meyer (LSAP) bedankt sech fir dat aktiivt Deelhuelen um Trëppeltour dee vun der Chancëgläichheets- a Familljekommissioun organiséiert gouf, dëst am Kader vum internationalen Dag vun de Fraerechter. Bei dësem Tour sinn déi eng oder aner Froen opkomm, an zwar ass et net méiglech fir direkt vu Kielen an de „Juckelsbësch" ze goen. Hei misst d'Méiglechkeet envisagéiert gi fir, vun der rue des Champs aus, e Bëschwee ze amenagéieren. Anerersäits gesäit si, wéinst de Felder, keng Méiglechkeet fir vun der rue de Keispelt op Meespelt e Wee ze amenagéieren. Si informéiert sech nodréiglech iwwer d'Méiglechkeet fir zousätzlech Parkinge fir Leit mat Behënnerung, bei der Hall zu Keespelt, déi alt méi oft vu lokale Veräiner genotzt gëtt, anzezeechnen.

De Marc Bissen (LSAP) bemierkt dass d'Gemeng ugefaangen huet beim „Fair Trade" matzemaachen. Dëst duerch e Grupp „Fair Trade", eng Publikatioun am Buet, sou wéi verschidden Akeef, sou dass d'Gemeng de Krittären entsprécht fir eng Zertifikatioun „Fair Trade" ze kréien. An dësem Beräich gëtt et awer nach Verbesserungsméiglechkeeten an déi lokal Händler misste sensibiliséiert gi fir selwer „Fair Trade"-Produkter ze maachen oder wéinstens ze proposéieren.

De Romain Kockelmann (CSV) äntwert dem Claudine Meyer (LSAP) dass lescht Joer eréischt Parkinge fir Leit mat Behënnerung op den ëffentleche Parkingen agezeechent goufen, mee dass hien awer kee Problem gesäit fir weiderer zu Keespelt anzezeechnen.

Duerno stellt de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) dem Gemengerot zwee nei Mataarbechter vir: D'Caroline Pellizzaro, am Sekretariat, an d'Stéphanie Ansay, Architektin am Service Technique.

Hien erwäänt och d'Reunioun iwwer d'Biergerbedeelegung, déi de 27. Februar, bezüglech dem Trafic an der Gemeng, war. Et haten sech 180 Leit bedeelegt an dausende vu Leit hate sech online ageschalt, wat e groussen Interêt beweist. Intensiv Recherche goufe gemaach fir eng Léisung zum Verkéiersproblem an der Gemeng ze fannen, virun Allem, wat de Schwéiertransport betrëfft.

1. Decompte vun den extraordinären Aarbechten

Den Total vun den effektiven Ausgabe fir den Amenagement vun engem Wee fir douce Mobilitéit tëscht Kielen a Keespelt (Meespelt), beleeft sech op 942.460,75 €. Den Total vun den approuvéierten Devisë chiffréiert sech op 898.640,00 €.

Den Total vun den effektiven Ausgabe fir d'Erneierung vum Belag vum syntheetesche Fussballsterrain am Stade Albert Berchem zu Kielen beleeft sech op 801.042,69 € an den Total vun den approuvéierten Devisen ass 773.699,94 €.

2. Decompten a Subsiden

2.1. Chrëschtmaart 2022

Den Decompte vum Chrëschtmaart 2022, dee vun der Integratiounskommissioun organiséiert gouf, huet e Benefice vun 1.924,87 € bruecht. De Schäfferot huet proposéiert fir dëse Boni op 3.000 € opzeronnen. Dëst Geld gëtt an 2 separaten Donen vu jeeweils 1.500 € opgedeelt an un d'Associatiounen „Street Angels" an „Médecins du Monde" gespent.

2.2. Floumaart fir Kannerkleeder 2022

Wärend der 20. Editioun vum Floumaart fir Kannerkleeder zu Keespelt, dee vun der Jugendkommissioun organiséiert gëtt, ass e Benefice vun 5.478,43 € entstanen. De Schäfferot proposéiert fir dësen op 6.000 € ze erhéijen. Dëse Montant gëtt als Don un d'Fondatioun „Running Against Cancer" gespent.

2.3. Concert vun der Militärmusek

Wärend dem Concert vun der Militärmusek, dee vun der Kulturkommissioun organiséiert gouf, sinn 1.315 € zesumme komm. D'Kommissioun huet dëse Montant op 2.000 € erhéicht an un d'ASBL «Wonsch Ambulanz" gespent.

2.4. Vëlos-Championnat 2022 zu Nouspelt

De Bilan vum Vëlos-Championnat 2022, dee vun der ASBL „Vélo-Club Mamerdall" zu Nouspelt organiséiert gouf, a fir deen d'Gemeng am leschte Moment agesprongen ass a sech ferm engagéiert huet, weist en Defizit vun 9.661,95 € op. Den Organisateur huet dës Facture per Courrier un d'Gemeng geschéckt an hier Participatioun gefrot fir dësen Defizit partiell ze decken, an zwar mat engem Montant vu 5.000 €.

D'Gemeng refuséiert dëst an entscheet sech fir d'Käschte vun de Gedrénksbongen an héischt vun 2.252 € ze iwwerhuelen.

2.5. Télévie – Centre de promesses 2023

Am Kader vun der Organisatioun vum „Centre de promesse» vum Télévie, an der Gemeng Helperknapp, dee Samschdeg den 22. Abrëll 2023 stattfënnt, huet de Gemengerot decidéiert fir mat engem Montant vun 1.000 € deelzehuelen.

3. Jugendkommissioun:

3.1. Kënnegung vun engem Member

D'Kënnegung vum Natascha Niclou gouf ugeholl.

3.2. Kënnegung vum President

D'Kënnegung vum Sandy Lahure als President gouf ugeholl.

3.3. Kënnegung vun engem Member

D'Sandy Lahure kënnegt och als Member, wat och vum Gemengerot ugeholl gëtt.

3.4. Kënnegung vun engem Member

D'Kënnegung vum Joan Back vu Kielen als Member vun der politescher Partei „déi gréng", gëtt ugeholl.

3.5. Nominatioun vun engem Member

D'Joan Back gëtt duerno als Member vun der politescher Partei „LSAP" proposéiert an dës Nominatioun gouf ugeholl.

3.6. Nominatioun vum President

Och op Propositioun vun der LSAP, gëtt d'Joan Back op de Poste vum President gestëmmt.

3.7. Nominatioun op de Poste vum Sekretär

D'Sandrine Massard gëtt op de Poste vum Sekretär gestëmmt.

4. Taxe-Reglement bezüglech der Offallgestioun – Ännerung

D'Taxe-Reglement bezüglech der Offallgestioun, gouf un déi rezent Tariferhéijunge fir d'Poubelle vum SICA, ugepasst.

5. Taxe-Reglement bezüglech dem Material fir den Ënnerhalt vum Waasserverdeelungsreseau – Ännerung

Déi nei Lëscht mat den Ännerunge vun de Präisser vum Material wat néideg ass fir den Ënnerhalt fir de Waasserverdeelungsreseau vum Drénkwaasser, gouf den 23. September 2022 ugeholl. Duerch e materielle Feeler huet awer missten eng Adaptatioun vum Reglement gestëmmt ginn.

6. Ënnerdeelung vun Terrainen an der rue de Roodt zu Nouspelt

An der rue de Roodt zu Nouspelt ginn 2 Parzellen a 5 Parzellen ënnerdeelt, wou der 3 dovun zum Bauterrain ginn.

7. Compromis an Notaire-Akten

7.1. Compromis

Mat dësem Compromis verkeeft d'Gemeng 2 Parzelle vu 0,09 a 0,15 Ar, an der rue Simmerschmelz zu Nouspelt, un d'Firma Konstrulux Sàrl. Dëst wéinst de Reamenagementsaarbechten déi an der rue Simmerschmelz waren.

7.2. Tauschakt

Duerch en Tauschakt kritt d'Gemeng 2 Terraine vun 1,49 a 0,14 Ar an der rue Simmerschmelz zu Nouspelt a gëtt am Géigenzuch 1 Terrain vu 0,42 Ar, och an der rue Simmerschmelz, der Madamm Wackers of. Dësen Tosch gouf am Kader vun der Regularisatioun vun Emprise gemaach.

7.3. Acte notarié de vente

Och am Kader vum Reamenagement vun der rue Simmerschmelz, verkeeft d'Gemeng der Famill Wirth-Gary 4 Parzelle vu 0,71, 0,04, 0,03 a 0,01 Ar, an der rue Simmerschmelz zu Nouspelt.

8. Brasserie Simon Participation & Cie S.e.c.s. / Buvette FC Kehlen - Konventioun

Eng Konventioun mat der Brasserie Simon leet d'Konditioune fest, ënnert deenen d'Brasserie d'Gedrénks un d'Buvette vum FC Kielen liwwert.

9. SNHBM – Chantiersinstallatioun „auf der laanger Schanz" zu Ollem – contrat de bail

Fir kënnen eng Chantiersinstallatioun opzeriichten, verlount d'SNHBM der Gemeng en Terrain vun ongefeier 2.600 m² „Auf der laanger Schanz" zu Ollem, dëst ab dem 1. Februar 2023 bis Abrëll 2024. Heifir bezilt d'Gemeng e järleche Loyer vun 100 €. De Contrat de Bail kann op 3 Méint verlängert ginn, awer mat engem Maximum vun 2 Joer.

10. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

Verschidden dréngend Verkéiersreglementer déi de Schäfferot geholl huet, goufe vum Gemengerot approuvéiert. Heibäi handelt et sech em Aarbechte vum 13. Februar bis de 24. Mäerz an der rue de Dondelange zu Nouspelt; vum 27. Februar bis den 31. Mee an der rue de Kehlen zu Keespelt; vum 2. Mäerz bis de 29. Mäerz an der rue des Romains zu Kielen; vum 13. Mäerz bis de 17. Mäerz an der rue d'Olm an an der rue des Potiers zu Nouspelt; vum 13. Mäerz bis den 31. Mäerz an der rue des Champs zu Kielen, sou wéi vum 16. Mäerz bis de 7. Abrëll an der rue de Kehlen zu Keespelt.

GESCHLOSSE SITZUNG

11. Kommunalen Erzéiungs an Empfangsdéngscht fir Kanner

11.1. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales mat DAP

De Gemengerot huet e Kandidat mat DAP op de Poste vum Gemengenemployé genannt fir de SEA.

11.2. Nominatioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (éducateur diplômé)

Och op de Poste vun engem diploméierten Educateur fir de SEA gouf e Kandidat genannt.

11.3. Kënnegung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot huet d'Kënnegung vun engem Gemengenemployé vum SEA ugeholl.